Pressekonferenz Ban de Gasperich 27/11/2018

D'Plaz, déi mer des Kéier fir eis Pressekonferenz gewielt hunn, ass vläit e bëssen ongewinnt, mä se huet awer e grousse symbolesche Charakter.

Et ass an eisen Aen nämlech déi Plaz, wou et am offensichtlechsten gëtt, wéi de Wunnéngsmarché an de leschte Joeren lafe gelooss ginn ass, wéi kontraproduktiv déi grouss Projet'en zum Deel woaren a sinn, a wéi haaptsächlech grouss Promoteuren kënne vill Profit domat maachen, ouni d'Liewensqualitéit vun de Leit am Land ze verbesseren.

Schon 2010 gouf et Kritik um Projet fir de Ban des Gasperich vu Säiten vum Gasperecher Intresseveräin. Déi Leit hunn e. A. mat Hëllef vu juristesche Prozeduren, déi deier kascht hunn, ouni Erfolleg versicht Asproch ze erhiewen géint e gigantesche Projet, deen iwwert d'Käpp vun de Leit ewech vum deemolegen DP-CSV-Schäfferot am puren Intressi vun engem private Promoteur op d'Schinne gesat gouf.

2012 huet sech, ënner anerem duerch déi Lénk, eng Biergerinitiativ gegrënnt, déi eng Pétitioun lancéiert huet fir nach Afloss op de Projet ze huelen an e sozialen an ekologesche Quartier ze krééieren. Mee deen deemolegen Schäfferot, dës Kéier vun DP an deene Gréngen, hunn alt erëm d'Asprech vun der Bevëlkerung an de Wand geschloen.

D'Kritikpunkten um Projet woaren a sinn vaste a si weisen, wat een alles ka falsch maachen, wann keng anstänneg Stad- a Landesplanung gemat gëtt a wann et deene politesch Verantworttlechen net drëm geet, e soziaalt Zesummeliewen mat enger héijer Liewensqualitéit ze garantéieren. Dann setzen sech d'Promoteuren duerch mat hirer Sucht , esou vill Profit ewéi méiglech ze maachen.

Wat gëtt et konkret ze kritiséieren un desem Projet?

Zum engen den totale Manktem un Transparenz. D'Schäfferéit vun DP an CSV als eéischt an duerno vun DP an dene Gréngen an der Gemeng Lëtzebuerg hunn ~~nëmmen~~ hannert zouenen Dieren mam Promoteur verhandelt. D'Bierger vun der Stad Lëtzebuerg goufe weder gefrot, wéi si sech deen zukünftege Quartier virstellen, nach iwwer de Projet anstänneg informéiert.

De Ban de Gasperich ass zum aneren e Symbol fir alles dat, wat bis elo an der Logementspolitik falsch gemat gouf.

Obwuel et massiv u Wunnénge feelt, ginn hei haaptsächlech Büroe gebaut. Et ass elo geplangt, Wunnénge fir 7 000 Leit ze bauen a Büroe fir 20 000 Leit. Esou wäert alt erem de Beruffstrafik em e Villfacht verstäerkt ginn. Eng modern Landesplanung misst virgesinn, dass d'Leit do wunnen wou se schaffen, fir d'Weeër méiglechst kleng ze halen. Dat ass hei absolut net de Fall.

Dat, wat gebaut gëtt, ass doniewt fir déi meeschte Leit guer net bezuelbar. Nëmmen 10%, also de legale Minimum u Logemente wäert abordabele Wunnraum ginn – keng sozial Mietwunnénge wuel gemierkt - dh. vill Leit wäerten sech net kënne leeschten, hei ze wunnen. Och fir Famillen, déi et oft immens schwéier hunn, eng Wunnéng ze fannen, ass dese Quartier net geduecht, wéi de fréiere Buergermeeschter Paul Helminger 2010 ouni dobäi e Problem ze gesinn, bemierkt huet. De groussen Deel vun de Wunnénge wäerten alt erëm Luxuswunnénge ginn an domat kengesfalls den Drock op de Logementsmarché méi kleng maachen.

Dann ass de Ban de Gasperich awer och eng ekologesch Katastroph. Et gëtt keen anstännegt Verkéiersonzept fir déi geschaten 50 000 Autosbeweegungen pro Dag, déi duerch de Projet dobäi kommen. Wéi gesot, wäert de Beruffstraffic hei immens grouss sinn an dobäi kënnt dann nach de Mega-Auchan, deen dräimol sou grouss soll ginn, wéi deen um Kierchbierg. Bei der Aweihung vum Chantier hunn déi Verantwortlech vum Auchan gesot, si géingen 11 Milliounen Klienten pro Joer erwaarden, an et ass kloer, dass déi zum allergréissten Deel och wäerte mam Auto kommen. Den Tram wäert iwwregens fréistens 2021 heihi gefuer kommen, bis dohin wäert e groussen Deel vum Quartier awer scho laang fäerdeg sinn, sou dass et déi nächst puer Joer wahrscheinlech total chaotesch wäert ginn.

De groussen Deel vu Buedemversiggelung, deen dobäi kënnt, mécht zudem Suergen dass de Grondwaasserpegel wäert erof goen an de Risiko vun Iwwerschwemmungen erop goen.

Et ass virun allem ee Promoteur, deen haaptsächlech de Ban de Gasperich bebaut an exploitéiert.

A wat dat alles mat deene Plakater ze dinn huet, déi der hei gesitt, dat wäert de Michel Erpelding iech elo erkläeren.